
Enrôlés de Force

# 10 JOER SCHONN ...

Den 19. Juni 2011 gouf bei der Kierch hei zu Biekerich d'Plaz vun den „Enrôlés de Force" ageweit. Sécherlich e ganz groussen Dag an der Geschicht vun der Biekericher Gemeng.

Dës Plaz gouf op Initiativ vun der Amicale des Enrôlés de Force – Sektioun Biekerich-Ell-Réiden an d'Liewe geruff fir un all d'Leit aus der Gemeng ze erënneren déi am Zweete Weltkrich zwangsrekrutéiert goufen.

Am Juni 2011 gouf an der Biekericher Gemeng eng ganz Woch organiséiert fir un den Zweete Weltkrich ze erënneren dien iwwer 55,3 Millioune Leit d'Liewe kascht hat,



dëse schrecklichen a fuerchtbare Krich, dee Misär, Leed an Trauer iwwer Lëtzebuerg an d'ganz Welt bruecht hat.

D'Lëtzebuerger Land gouf vum däitschen Okkupant hannerhältig iwwerfalen, seng Bierger gepisakt a seng Jugend an eng verhaassten Uniform gestach, fir si dann an e Krich ze schécken, deen hiren nit war!

Jugendlicher vun 20 Joer, déi nach Kanner waren .... erniddrigt, gepisakt, gedemütigt, gequält a geschloen. E groussen Deel vun hinne gouf un d'Front geschleeft, wou déi meescht d'Waffe gehäit hunn, fir sech dann a Gefaangeschaft erëmzefannen wou si laang Méint bei Keelt, Honger a permanentem Verlaangeren no doheem an onmënschliche Verhältnisser hu musse probéieren ze iwwerliewen, fir déi doheem villäicht erëm ze gesinn, déi hinnen dach esou léif waren.

Dat war a kuerze Wierder wat de Krich fir eis Lëtzebuerger Meedercher a Jongen geheescht huet, a mir vun der Amicale des Enrôlés de Force setzen eis an „Widder d'Vergiessen", fir dass dat wat deemools geschitt war, nit vergiess gëtt a sech ni widderhuele soll.

Eise gréisste Projet dee mer ugepaakt hunn, war an eisen dräi Gemengen eng Plaz vun den Zwangsrekrutéierten ze kreéieren, eng Plaz wou en Denkmal oder Mahnmal un de Crime vun der Zwangsrekrutéierung erënnert, eng Plaz wou eis Nofolgergenerationen sech vernäipen a sech zur Erënnerung versammelen.

Am Oktober 2010 gouf zu Ell déi éischt Plaz ageweit, an ab Januar 2011 hu mer dann zesummen mat der Biekericher Gemeng de Projet hei bei der Kierch ugefaangen. Am Juni war et dunn souwäit an d'Woch vun der Erënnerung zu Biekerich kount agelaut ginn.

No der Ouverture mat engem Vernissage vun interessanten Ausstellungen an engem Referat vum Historiker Steve Kayser um Freidig de 17. Juni 2011, dem Nationalkongress vun der Federatioun , an der Virféierung vum Film" EMIL" um Sameschdig den 18. Juni, ass dann den 19. Juni de groussen Dag koum vun der Aweiung vun der Plaz mat hirem Monument zu Éieren vun den Zwangsrekrutéierten aus der Gemeng, déi ënner dem Nazijoch gelidden hunn.

D'Monument gouf konzipéiert vum Artist Marcel Bombardella vun Téiteng, dee begeeschtert war säin Talent an de Kader vun der Erënnerung kënnen ze setzen, well seng Mamm selwer zwangsrekrutéiert gi war.

D'Monument ass eng Konstruktioun aus Stol, Material dat dem Lëtzebuerger Land e groussen Deel vu sengem Räichtum ginn huet.

Déi 8 ronn Scheiwen an der Base vum Monument representéieren déi 8 Joer vu 1920-1927, déi vun de Preisen gemustert goufen.

An der Mëtt vun dësen 8 Scheiwen e Spot , deen , d'éiwig Liicht duerstellt an och d'Monument all Nuecht beliicht.



Déi 8 héich stole Stief mat hiren Inoxkäpp stelle Leit duer, déi vu verschiddene Plazen hirkoum sinn, fir sech dann op enger zentraler Plaz wäit ewech vun doheem ze begéinen ( dat ass de Rank uewen am Monument wou déi 8 Stangen zesumme kommen) an duerno schléit erëm jiddereen säin eegene Wee an ...

Op den Tafelen hannert dem Monument fann dir d'Nimm vun deene Leit aus der Gemeng Biekerich déi zwangsrekrutéiert goufen – a wann dir d'Zuel op den Tafelen kuckt, kann dir iech e Bild maachen dovun wat de Crime vun der Zwangsrekrutéierung fir d'Gemeng Biekerich bedeit huet.

Hei e klengen Auszuch aus der Ried vum Edy Graf, President vun der Amicale a sengem  Schlusswuert wärend der Aweiung :

*„ .... Mir schreiwen haut hei alleguerten zesummen dëst neit Kapitel vun der Biekericher Geschicht, an am Numm vun der Amicale des Enrôlés de Force, wëll ech der Biekericher Gemeng mat un hirer Spëtzt den députe-maire Camille Gira e ganz gousse Merci ausschwätzen, fir dat wat  si haut hei an der Gemeng am Sënn vun der Erënnerung maachen.*

*Camille - dat heiten ass e memorabelen Dag fir d'Gemeng Biekerich, an ouni deng positiv Astellung esou wéi däin onermiddlechen Asaz am Kader vun dësem Projet wär dat heiten sëcherlich nit méiglich gewiescht....”*

E grousse Merci geet och haut un den aktuelle Buergermeeschter Thierry Lagoda mam Schäffen- a Gemengerot, well si   zënter der Aweiung d' Monument ëmmer mat schéine Blumme  rëschten an domat der Krichsgeneratioun hire Respekt ausdrécken.

Edy Graf

President vun der Amicale Enrôlés de Force, Sektioun Biekerich-Ell-Réiden



